PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 15/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau, Wirtschaft & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De 27te September hat RTL een Artikel publizéiert mam Titel "Eng privat Soirée vum Marc Giorgetti mat DP an CSV". Schnell goungen d'Gerüchter ëm, dass béid Parteien wuel eng Wunnengsbaupolitik géifen maachen, déi virun allem de grousse Promoteuren a Groussgrondbesëtzer géing an d'Hänn spillen. An effektiv weisen déi grouss Linnen am Koalitiounsaccord, dass virun allem Leit mat vill Geld a Besëtz am meeschten vun der Wunnengsbaupolitik kéinte profitéieren, während ëmmer méi Leit dann loune mussen, wat déi Leit mat vill Geld a Besëtz alt nees méi räich mécht.

Grouss Bauentreprisen, déi breet genuch opgestallt sinn, hunn also an der aktueller Baukris manner Suergen, well se nieft honnerten Hektar u Baulandreserven (siehe Note 29 Observatoire de l'Habitat) duerch hir Gréisst och an anere Branchen am Bausektor schaffen (Stroossebau, grouss staatlech Gebaier) a beschtens mat den Optraggeber beim Staat vernetzt sinn. Eleng fir de Bau vu Stroossen a Renovéierungsaarbechten sinn am Budget 2023 340 Milliounen Euro virgesinn. Op de grousse Schantjeeën vum Staat fënnt een deemno oft déi selwecht bekannten Nimm vu grousse Baufirmen a Promoteuren erëm, déi bei ëffentlechen Ausschreiwungen d'Opträg meeschtens kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wien waren zënter 2018 déi zéng gréissten Optragnehmer fir de Bau vun Infrastrukturprojeten an Immobiliëprojeten vum Staat, opgelëscht no Firma?

2. Wéi vill Sue kruten dës Firmen an deenen eenzele Jore fir hir Servicer ausbezuelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten